# 2026/27 : COURS À OPTION – CLASSES DE 2$^{E}$/1$^{ERE}$

## Titre : **Fit for Future : Studien, Beruff a Liewen**

Titulaire du cours : Sven Bour
Classes : 2$^{èmes}$ + 1$^{ères}$
Jours et horaires : Vendredi de 12h25 à 14h20
Salle : Salle informatique
Nombre maximal d'élèves : 18

### Finalités et objectifs de l'option

Dëse Cours soll iech dobäi ënnerstëtzen, iech optimal op d'Zäit no der Première virzebereeden. Am Mëttelpunkt stinn dobäi **praktesch Informatiounen a Kompetenzen, déi iech bei äre Studien, am Beruff an am Alldag nëtzlech sinn** an hëllefen, wichteg Entscheedungen informéiert a selbstänneg ze treffen.

### Programme

Wéi den Numm vun der Formatioun et scho verréit, setzt sech de Cours aus dräi grousse Beräicher zesummen:

- Déi éischt Partie vum Cours beschäftegt sech mat der Virbereedung op är zukünfteg **Studien** an hëlleft iech, déi wichtegst Schrëtt dofir ze plangen.

Zum Beispill : Wéi wielen ech mäin Studium richteg aus? U wat muss ech denken, ier ech studéiere ginn? Wéi eng administrativ Demarchë sinn néideg? Wéi eng finanziell Hëllefe ginn et? Wéi fannen ech eng passend Wunneng? Wou kréien ech zouverlässeg Informatiounen a bei wiem kann ech Hëllef sichen?

- Deen zweete Volet konzentréiert sech op d'**Virbereedung op d'Beruffsliewen** an déi éischt Schrëtt an der Aarbechtswelt.

Zum Beispill : Wéi schreiwen ech ee professionelle CV an eng Lettre de motivation? Wéi bereeden ech mech op e Virstellungsgespréich vir? Wéi fannen ech e Stage oder eng Aarbecht passend zu menge Virstellungen? Wat si meng Rechter als Ugestallten? Wéi ass ee Salaire opgebaut? Wéi benotzen ech Apps wéi Excel, Word an AI-Tools sënnvoll am professionelle Kontext ?

- Dee leschten Deel vum Cours huet zum Zil, iech wichteg Kenntnisser a praktesch Kompetenze mat op de Wee ze ginn, fir den Alldag an d'**Erwuesseneliewen** méi sécher a selbstänneg ze meeschteren.

Zum Beispill : Wéi kréien ech mech effizient organiséiert? Wéi geréieren ech meng Suen am Beschten? Op wat muss ech oppasse, wann ech Sue léinen? Wéi kann ech meng Sue sënnvoll investéieren? Wéi vermeide ech finanziell Falen? Firwat kann et finanziell interessant sinn, eng Steiererklärung ofzeginn? Wat si meng Rechter als Konsument a wéi eng Assurancë kënne sënnvoll sinn?

## Méthodologie, déroulement

De Cours soll sech net ze vill mat theoreeteschen Detailer beschäftegen, mee de **praktesche Gebrauch steet am Mëttelpunkt**. Dofir gëtt Wäert drop geluecht, iech an de Cours anzebannen an en **un är Froen an Interessen unzepassen**. Am Kader vun dëser Optioun léiert dir och, wéi dir effektiv selwer Informatiounen recherchéiert a se un är perséinlech Situatioun a Besoinen upasst. D'Bewäertung vum Optiounscours baséiert entspriechend op dësen Aspekter an net op enger klassescher Prüfung.

## Public cible

Dëse Cours riicht sech un all Schüler aus 2e a 1ère, déi sech **beschtméiglech op hir perséinlech Zukunft virbereede wëllen**, souwéi un déi, déi d'Première manner stressvoll erliewe wëllen, well si scho besser op d'Studien an déi nächst Schrëtt virbereet sinn a sech esou méi op hir Exame konzentréiere kënnen.

## Equipement requis

/